N°1721
Entrée le 28.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n°1721 vum 3. Januar 2025 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet Feux d'artifices pendant la Saint.-Sylvestre.**

1. D'Gemengenautoritéite kënnen d'Schéisse vu Freedefeier, op Basis vun den Dekreter vu 1789 a 1790, sou wéi den Artikelen 29, 58 a 67 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 reglementéieren, an déi noutwenneg Mesuren huelen, fir d'ëffentlech Sécherheet an d'Rou vun de Biergerinnen a Bierger ze garantéieren. D'Regierung huet net virgesinn, fir den aktuelle juristesche Kader ze änneren.

   Iwweregens ass d'Schéisse vu Freedefeier an deene meeschte Gemenge verbueden a just ausnamsweis an ënner verschiddenen Ëmstänn a Konditiounen erlaabt. Verschidde Gemengen hunn ugefaangen, Alternativen ze erlaben, fir bei feierlechen Evenementer d'Schéisse vu Freedefeier zum Beispill duerch "Light shows" oder "Light painting" z'ersetzen.

2. D'Asazzuele vun der Police wéinst dem Schéisse vu Freedefeier gesinn esou aus :

| Joer | Total Police-Asätz |
|---|---|
| 2020-2021 | 6 |
| 2021-2022 | 5 |
| 2022-2023 | 13 |
| 2023-2024 | 6 |
| 2024-2025 | 7 |
| **Total** | **37** |

   D'Asazzuele vum CGDIS betreffend Freedefeier op Silvester an de leschte fënnef Joer gesinn esou aus:

| Joer | Total Ambulanz-Asätz | Ambulanz-Asätz wéinst Freedefeier | Total Brand-Asätz | Brand-Asätz wéinst Freedefeier |
|---|---|---|---|---|
| 2020-2021 | 55 | 1 | 5 | 1 |
| 2021-2022 | 90 | 0 | 7 | 5 |
| 2022-2023 | 99 | 0 | 6 | 2 |
| 2023-2024 | 83 | 0 | 6 | 2 |
| 2024-2025 | 110 | 1 | 11 | 4 |
| **Total** | **437** | **2** | **35** | **14** |

*(Zäitraum: 31.12 19:00 – 01.01 07:00)*

3. Den Inneministère féiert keng Statistiken iwwer vermëssten Hausdéieren.

4. Et gëtt keng staatlech Hëllef fir Affer vu Schied déi duerch Freedefeier entstane sinn.

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2025
Le Ministre des Affaires intérieures
(s.) Léon GLODEN